# OPPENE BRÉIF

**Eng liberal Äntwert op eng sozial Fro**


| | | |
|---|---|---|
| **Departement / Sektioun :** | Süden / Esch-Uelzecht | **MINISTÈRE DES FINANCES** |
| **Korrespondent :** | Ronald Mordiconi | **HÄR PIERRE GRAMEGNA** |
| | +352 661 310 999 | Finanzminister |
| | rmordico@sozialliberal.lu | 3, rue de la Congrégation |
| | | L-1352 Luxembourg |
| **Eis Referenz :** | SLPL_OL_TAX27032019 | |
| **Är Referenz :** | / | |
| **Bäilag :** | Kopie un de SLPL Nationalvirstand | Esch-Uelzecht, de 27.03.2019 |


**BETREFF : STEIRREFORM A SOZIAL SELEKTIV STEIERMESURË**

Här Finanzminister Pierre Gramegna,

D'Steierverwaltung huet ee vun de wichtegsten Aufgaben am Finanzsecteur an hëlleft aktiv mat zu der Entwécklung vun engem Netz vu Konventiounen, fir d'Duebelbesteierung ze vermeiden. D'Sozialliberal Partei mécht sech awer Gedanken ëm all déi Persounen déi an der Steierklass 1 verweilen a desavantagéiert ginn.

Dass de  Lëtzebuerger Steiersystem ongerecht ass, ass schonn eng zäitlaang bekannt. D'Sozialliberal Partei mengt dat et der Politik awer zimlech egal ze sinn schéngt. Steierreform vun 2017 war politesch gesinn just nëmmen e Minimalkonsens. Belaaschtung vun den Personnes Physiques ass einfach ze héich, net sozial a net gerecht. Inégalitéit ass onsozial. Ophalen d'Aarbecht also d'Salariat ze besteieren, dofir grouss Gewënner vun de Multikonzerner richtech besteieren. D'Regierung soll sozial selektiv Steiermesurë fir d' Leit aféieren.

SLPL fuerdert onbedéngt a schnellst méiglech eng ugepassten Entlaaschtung u Steiere fir den einfache Bierger. Dat well net heeschen, dass Steierklass 1 ganz verschwanne muss. Déi héich Steieren an der Steierklass 1 weisen, dass Politik hei zu Lëtzebuerg vill ze laang nogekuckt huet an net vill ënnerholl huet. Politik muss reagéieren, soss ass Steiergerechtegkeet net méi ginn.

Mir fuerderen , dass Grondsteier a Gewerbesteier bei den Entreprisë mat grousser Surface, erhéicht an ugepasst muss gi fir méi eng sozial a fair Gerechtegkeet bei der Majoritéit vun der Bevëlkerung ze hunn a fir Baulandspekulatiounen endlech an de Grëff ze kréien. Een de vill Geld well verdénge soll och deementspriechend Steiere bezuelen.

Mir brauchen eng sozial Steierreform fir Lëtzebuerg, fir eis Biergerinnen a Bierger !

**An dësem Kontext wëlle mir gär déi folgend Froe stellen:**

1. Wéi héich ass aktuell de KORREKTIVE. Steieren déi benotzt ginn vir Verfeelunge vun der Gesellschaft auszegläichen ?
2. Ginn et schonns Mesurë fir Steierklass 1 gerecht unzepassen ?
3. Wéi laang dauert et nach fir sozial selektiv Steiermesurënn anzeleeden ?
4. Wéi schnell kann d'Regierung eng Entlaaschtung u Steiere fir den Normalverdinger aleeden ?
5. Wéi wéit ass Regierung mat der Upassung vun der Grondsteier a Gewerbesteier fir Entreprise mat grousser Surface ?

An Erwaardung lech ze liese soen Ech lech, Här Finanzminister, villmools Merci a verbleiwe mat respektvolle Gréiss.

Am Numm vun der Partei **Ronald Mordiconi**
Nationalpresident